Naturpark
Mëllerdall

EISEN NATURPARK!
FIR JIDDEREEN EPPES DOBÄI…

November 2017 - September 2018

Geopark Mëllerdall

Wëllkomm am Naturpark Mëllerdall!

Och dëst Joer kënnt dir an ärem Naturpark Mëllerdall eng ganz Rei flott Aktivitéiten, Wanderungen a Course matmaachen!

Ugefaangen huet dës Serie vun Aktivitéiten am Kader vun engem LEADER-Projet (deemools ënnert dem Numm „De Bësch!") an ass du vum Naturpark Mëllerdall iwwerholl ginn. Säit dem sinn och Coursen dobäi, déi iwwer de Bësch an d'Holz erausginn.

Am September 2017 huet den Naturpark Mëllerdall ugekënnegt, dass e fir den UNESCO Global Geopark Label kandidéiert. Am aktuellen Depliant sinn och eng Rëtsch Aktivitéite ronderëm d'Geologie dobäi; sou zum Beispill d'Dréchemauercoursen, déi bis elo ëmmer ganz gutt besicht waren..

Dës an nach vill aner Aktivitéite fannt dir an dësem Bichelchen. Natierlech bidde sech d'Aktivitéiten och ideal als Cadeau un.

Mir wënsche vill Freed beim duerchbliederen an zéckt net, eis bei Froen ze kontaktéieren!

25.11.2017 14:00 - 17:00	**Inforonn: konventionell, bio, regional, egal?** am Naturparkhaus zu Beefort	gratis
02.12.2017 9:30 - ca 14:30	**Aus dem Bësch an d'Pan: Wëld an der Kichen** mam Kach Fréderic Vuillemin a Fierschter Fränk Adam zu Bech	80 €
09.12.2017 14:00 - 17:00	**Zahnpasta & Wäschmëttel selwer hierstellen** mam Johny Diderich zu Schous	15 €
17.12.2017 ab 10:00	**Regio-Kaffi** um Kulturhaff Millermoler zu Hénkel	15 €/Erwuessenen 10 €/Kand
21.12.2017 15:00 - 18:00	**Chrëschtbastelen** um Kulturhaff Millermoler zu Hénkel	5 €/Erwuessenen 21 €/Kand
20.01.2018 13:00 - 16:00	**Op de Spuere vum Krich am Bësch** mam Fierschter Tom Scholtes zu Iechternach	5 €
20.01.2018 9:00 - ca 16:00	**Deel 1: Vum Bam zur Bänk / zum Hocker / zum Dréihocker** mam Fierschter Fränk Adam zu Bäertréf a mat der Seeërei Scholtes zu Manternach (Deel vun de Baucoursen)	
24.01.2018 ab 19:30	**Infoowend: Bëschführerschäin** mam Groupement des Sylviculteurs a.s.b.l. an der Fiels	gratis
27. + 28.01.2018 9:00 - 17:00	**Schnuppercoursen: Drechselen** mam Roland Peller a Paul Beicht zu Iechternach	25 €
03.02.2018 9:00 - 17:00	**Deel 2: Vum Bam zum Hocker** mat der Schräinerei Baden zu Waldbëlleg	290 €
03. - 04.02.2018 9:00 - 16:30	**Kierfméchercours** mam Gabi Jacqué zu Hemstel	110 €
06.02.2018 18:00 - 20:00	**Liichten am Bësch** mat de Fierschteren David Farinon an Théo Moulin am Marscherwald	5 €
09.02.2018 19:00 - 22:00	**Praffcours** mam Marc Thiel vum SIAS an der Baumschule Schmitz zu Bäertréf	10 €
17.02.2018 9:00 - 18:00	**Deel 2: Vum Bam zur Bänk** mat der Schräinerei Thomé zu Steenem	290 €
22.02.2018 19:00 - 20:00	**Geologesche Virtrag: d'Entstehung vun eiser Regioun** mam Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall am Naturparkhaus zu Beefort	gratis
24. - 25.02.2018 9:00 - 17:00	**Deel 2: Vum Bam zum Dréihocker** mat der Schräinerei Baden zu Waldbëlleg	350 €
ab Mäerz	**Formatiounen: „Naturcoach" & „Kräuterpädagoge"** mat der Gundermannschule zu Beefort - www.gundermannschule.com	
03.03.2018 8:30 - 16:30	**Motorseecours** mam Marc Hermes vum CNFPC am Marscherwald	75 €

03.03.2018 13:30 - 17:00	**Wéi schneiden ech mäin Uebstbam richteg? (jonk Beem)** mam Marc Thiel vum SIAS zu Bur	5 €
10.03.2018 13:30 - 17:00	**Wéi schneiden ech mäin Uebstbam richteg? (al Beem)** mam Marc Thiel vum SIAS zu Hiefenech	5 €
21.03.2018 19:00 - ca 22:00	**Wat ass eng gutt Drëpp? Eng Degustatioun mam Expert** mam Paul Thill an der Hierber Brennerei	44 €
31.03.2018 9:00 - 12:00	**Wanderung duerch den Naturbësch Saueruecht** mam Fierschter Marc Hoffmann an der Biologin Danièle Murat zu Beefort	5 €
17. - 20.04.2018 9:00 - 17:00	**Dréchemauercours** mam Jo Goergen vum Naturpark Mëllerdall	gratis
21.04.2018 13:30 - 17:00	**Fotoworkshop: Steen & Waasser** mam Fotograf Pierre Haas zu Beefort	20 €
21.04.2018 14:00 - 17:30	**Wanderung vun de Fielser Fielse bis bei dat eelste Kräiz** mam Christina Mayer vum Service des Sites et Monuments Nationaux a mam Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall an der Fiels	gratis
29.04.2018 10:00 - 14:00	**Iesel, Geess & Giersch** mam Conny Scholtes, Alex Trentin a Sandra Leoni zu Beefort	20 €/Erwuessenen, 10 € bis 12 Joer
05.05.2018 14:00 - 17:30	**Naturrallye fir Kanner an hir Elteren** mam Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall zu Rouspert	5 €
10.05.2018 18:00 - ca 22:00	**Mam Fierschter um Hochsitz** mam Fierschter Théo Moulin am Marscherwald	5 €
12.05.2018 9:00 - 12:00 **15. - 16.09.2018**	**Deel 1: Wëldholzbau: e Stull selwer bauen** mam Fierschter Tom Giefer zu Mompech **Deel 2**	
12.05.2018 9:00 - 13:00 **16.06.2018**	**Deel 1: Likör & Wëllkraidermenu** mam Sandra Leoni a Yolande Kayls am Naturparkhaus zu Beefort **Deel 2**	
26.05.2018 9:00 - 17:00 **11. - 12.08.2018**	**Deel 1: Xylophonbaucours mat Holz vun hei** mam Fierschter Fränk Adam a mam Lothar Wilhelm zu Bäertref **Deel 2**	
03.06.2018 14:00 - 17:30	**Geologesch Wanderung duerch d'Noumerléen** mam Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall zu Noumer	5 €
09.06.2018 10:00 - 15:00	**Kichen am Bësch 2.0** mam Fierschter Tom Scholtes an der Fiels	25 €
16.06.2018 9:00 - 13:00	**Deel 2: Likör & Wëllkraidermenu** mam Sandra Leoni a Yolande Kayls am Naturparkhaus zu Beefort	65 €
16.06.2018 14:00 - 18:00	**Sallweworkshop** mam Änder Erpelding zu Rouspert	15 €

16.06.2018 13:30 - 15:00	**Wéi schneiden ech mäi Spaléierbam richteg?** mam Marc Thiel vum SIAS zu Waldbëlleg	5 €
07.07.2018 10:00 - 15:00	**Kichen am Bësch 3.0** mam Fierschter Tom Scholtes a mam Sandra Leoni an der Fiels	25 €
16. - 27.07.2018 17:30 - 20:30	**Wiefcours** mam Suzanne Ziger zu Iechternach	300 € plus Material
24. - 27.07.2018 9:00 - 17:00	**Dréchemauercours** mam Jo Goergen vum Naturpark Mëllerdall	gratis
28.07.2018 15:00 - 17:00	**Alternativen an der Landwirtschaft: en Tour iwwer de Frombuerger Haff** mam Jeff Weydert zu Uesweiler	10 € (bis 10 Joer gratis)
11. - 12.08.2018 9:00 - 17:00	**Deel 2: Xylophonbaucours mat Holz vun hei** mam Fierschter Fränk Adam a mam Lothar Wilhelm zu Bäertréf	240 €
15. - 16.09.2018 9:00 - 18:00	**Deel 2: Wëldholzbau: e Stull selwer bauen** mam Fierschter Tom Giefer a mam Lothar Wilhelm zu Mompech	210 €

Naturpark
Mëllerdall

Inforonn: konventionell, bio, regional, egal?

Wéi eng Zort Liewensmëttelversuergung wëlle mir? Wat dierf gutt lesse kaschten? Wou fanne mir lokal Produzenten, déi direkt mam Verbraucher schaffen? Wéi kann ech dës Produzenten ënnerstëtzen? Kéint eng Verbraucherinitiativ d'Léisung sinn?
All dëse Froe wëlle mir an enger gemittlecher Ronn op de Fong goen. Är Meenung ass gefrot: den Naturpark Mëllerdall invitéiert an informéiert - dir diskutéiert!

25. November 2017, Samschdeg, 14:00 - 17:00
Beefort - mam Naturpark Mëllerdall

Präis: gratis **Sprooch: Lëtzebuergesch**

Aus dem Bësch an d'Pan: Wëld an der Kichen

An de Mëllerdaller Bëscher gëtt et vill verschidde Wëld. De Fierschter Fränk Adam hëlt iech mat an de Bësch an erklärt wéi d'Wëld hei lieft a wéi et bejot gëtt. De Kach Frédéric Vuillemin weist, wéi een dat Wëld kreativ verschaffe kann. Duerno gëtt d'Villfalt vum Wëld aus eise Bëscher geschmaacht!

W.e.g. bréngt en zweet Puer Schong fir an der Kiche mat!

2. Dezember 2017, Samschdeg, 09:30 - ca 14:30
Bech - mam Kach Frédéric Vuillemin vum Restaurant „Becher Gare" a mam Fierschter Fränk Adam

Präis: 80 € **Sprooch: Lëtzebuergesch a Franséisch**

Zahnpasta & Wäschmëttel selwer hierstellen

An den Haushaltsproduiten aus dem Buttek si vill Stoffer dran, déi ëmstridde sinn. Wann dir dës Inhaltsstoffer och evitéiere wëllt, da léiert dir an dësem Cours, wéi ee seng Zahnpasta a säi Wäschmëttel selwer mécht. Duerno kënnt dir är Produiten an d'Rezepter selbstverständlech mat heem huelen!

W.e.g. bréngt eng eidel Fläsch (mat engem breeden Hals) oder eng Wäschmëttelfläsch mat!

9. Dezember 2017, Samschdeg, 14:00 - 17:00
Schous - mam Johny Diderich

Präis: 15 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Regio-Kaffi

Op dësem Sonndeg musst dir net selwer den Dësch decken, mee dir kënnt iech verwinne loossen an dobäi eng Rëtsch regional Produite schmaachen. Kommt kucken an iwwerzeegt iech vun eisem regionale Gebeess, genéisst regional Zoossiss, probéiert biologesche Jughurt vun hei oder belieft de Geescht mat engem sprëtzege Cremant - dat Ganzt am flotte Kader vum Kulturhaff Millermoler!

D'Umeldung fir dësen Event leeft iwwer de Kulturhaff Millermoler: +352 53 27 73 oder isip@pt.lu!

17. Dezember 2017, Sonndeg, ab 10:00
Hénkel - um Kulturhaff Millermoler

Präis: 15 €/Erwuessenen, 10 €/Kand

Chrëschtbastelen

Chrëschtdag kënnt ëmmer méi no. Fir eis esou richteg anzestëmmen, bastele Kanner an hir Elteren zesummen an enger flotter Chrëschtdagsstëmmung fir Chrëschtdag. Ob mat Naturmaterialien oder mat Upcycling: flotte Kreatioune si keng Grenze gesat. Dobäi loosse mir eis e Stéck Kuch a Gedrénks gutt schmaachen an erliewen zesummen e flotte Mëtten.

D'Umeldung fir dësen Event leeft iwwer de Kulturhaff Millermoler: +352 53 27 73 oder isip@pt.lu!

21. Dezember 2017, Donneschdeg, 15:00 - 18:00
Hénkel - um Kulturhaff Millermoler

Präis: 5 €/Erwuessenen, 21€/Kand Sprooch: Lëtzebuergesch

Op de Spuere vum Krich am Bësch

Et ass zwar scho méi wéi 70 Joer hier, mee och haut kann een nach Spuere vum Krich an eise Bëscher gesinn. De Fierschter Tom Scholtes hélt iech mat op eng spannend Rees an d'Vergaangenheet a gëtt iech Explikatiounen zur Ardennenoffensiv an de Bëscher ronderëm lechternach.

20. Januar 2018, Samschdeg, 13:00 - 16:00
lechternach - mam Fierschter Tom Scholtes

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Vum Bam zur Bänk / zum Hocker / zum Dréihocker

Opgepasst: Dës Course bestinn aus 2 Deeler.

Deel 1: Vum Bam bis zum geschniddenen Holz

Dëse Cours ass an zwee Deeler opgedeelt: den éischten Dag geet et an de Bësch an do gitt dir alles iwwer d'Bewirtschaftung vun engem Bësch gewuer. Hei sicht dir och zesumme mam Fierschter e Bam eraus, dee vu professionelle Bëschaarbechter geha a gereckt gëtt. Am Nomëtte gitt dir an d'Seeërei a léiert de Betrib kennen, den aus ärem Bam Brieder schneit, déi dir am zweeten Deel vum Cours zu enger Bänk oder engem Hocker verschafft.

20. Januar 2018, Samschdeg, 09:00 - ca 16:00
Bäertrëf - mam Fierschter Fränk Adam an der Seeërei Scholtes (Manternach)

Deel 2: Vum geschniddenen Holz bis zur Bänk

Zesumme mam Stephan Cuers vun der Schräinerei Thomé gëtt dat geschniddent Holz zu enger Bänk verschafft. Nom Cours kënnt dir är eege Bänk mat heem huelen!

17. Februar 2018, Samschdeg, 09:00 - 18:00
Steenem - mat der Schräinerei Thomé

Präis: 290 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, ab 16 Joer

Deel 2: Vum geschniddenen Holz bis zum Hocker

Zesumme mam Robi Baden vun der Schräinerei Baden gëtt dat geschniddent Holz zu engem Hocker verschafft. Nom Cours kënnt dir ären eegenen Hocker mat heem huelen.

Opgepasst: Handwierklecht Gescheck ass erwënscht!

3. Februar 2018, Samschdeg, 09:00 - 17:00
Waldbëlleg - mat der Schräinerei Baden

Präis: 290 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, ab 18 Joer

Deel 2: Vum geschniddenen Holz bis zum Dréihocker

Wien nach méi eng grouss handwierklech Erausfuerderung sicht, kann zesumme mam Robi Baden vun der Schräinerei Baden dat geschniddent Holz zu engem Dréihocker verschaffen. Nom Cours kënnt dir ären Hocker mat heem huelen.

Opgepasst: Handwierklecht Gescheck ass erwënscht!

24. & 25. Februar 2018, Samschdeg a Sonndeg,
09:00 - 17:00
Waldbëlleg - mat der Schräinerei Baden

Präis: 350 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, ab 18 Joer

Infoowend: Bëschführerschäin

Nëmme wien d'Virgäng am Bësch gutt kennt, kann dësen nohalteg fleege, schützen a bewirtschaften. Un dësem Infoowend gitt dir alles gewuer iwwer d'Seminärrei „Bëschführerschäin", déi dëst Joer vum Lëtzebuerger Privatbësch (Groupement des Sylviculteurs a.s.b.l.) an dem Naturpark Mëllerdall organiséiert gëtt. Dës Seminäre riichte sech virun allem u kleng Bëschbesëtzer a Leit, déi eréischt viru kuerzem e Bësch kruten. „Al Huese" sinn awer natierlech och Wëllkomm a gi bestëmmt och nach eppes Neies gewuer!

D'Umeldung fir dësen Infoowend an de Bëschführerschäin leeft iwwer de Lëtzebuerger Privatbësch! Weider Informatioune fannt dir op www.privatbesch.lu an umelle kann ee sech op secretariat@privatbesch.lu oder um +352 89 95 65 10!

24. Januar 2018, Mëttwoch, ab 19:30
Fiels - mat Groupement des Sylviculteurs a.s.b.l.
Präis: gratis Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch

Schnuppercoursen: Drechselen

An dësem Cours léiere mir d'Basishandgréffer vum Drechsele kennen. Probéiert dëst alt Konschthandwierk a gitt gewuer, wat een alles aus Holz vun hei maache kann. Natierlech kënnt dir äert Wierk duerno och mat heem huelen!

Opgepasst: dës sinn zwee onofhängeg Coursen!

27. Januar 2018 & 28. Januar 2018, ee mol Samschdes an ee mol Sonndes, 09:00 - 17:00
lechternach - mam Roland Peller a Paul Beicht

Präis: 25 €
Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 18 Joer

Kierfméchercours

D'Mënschen hu scho viru Joerdausende Kierf hiergestallt. An dësem Cours gitt dir gewuer, wéi dat geet a maacht selwer e Kuerf. Donieft kënnt dir och nach vill iwwer d'Geschicht vun der Kierfmécherei léieren.

3. & 4. Februar 2018, Samschdeg a Sonndeg, 09:00 - 16:30
Hemstel - mam Gabi Jacqué

Präis: 110 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 16 Joer

Liichten am Bësch (Kanner mat Begleedung)

Am Bësch bastelt dir mat de Fierschter e Lampion an duerno gitt dir an de Bësch liichten. Loosst iech iwwerrasche vun der spannender Atmosphär vum Bësch am Däischteren! Nom Liichte gëtt et eng Klengegkeet z'iessen.

W.e.g. bréngt fest Schong a passend Kleedung mat!

6. Februar 2018, Dënschdeg, 18:00 - 20:00
Marscherwald - mat de Fierschteren David Farinon an Théo Moulin

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Praffcours

Copy-Paste am Bongert? Jo dat geet! An dësem Cours gitt dir gewuer, wéi een en Uebstbam richteg prafft („veredelt"). Natierlech kënnt dir nom Cours äre selwer gepraffte Bam mat heem huelen!

9. Februar 2018, Freideg, 19:00 - 22:00
Bäertrëf - mam Marc Thiel vum SIAIS a mat der Baumschule Schmitz

Präis: 10 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch

Geologesche Virtrag: d'Entstehung vun eiser Regioun

Eis Landschaft ass d'Resultat vun der geologescher Geschicht, der Forméierung duerch d'Flëss, der Schwéierkraaft an der Notzung duerch de Mënsch. An engem billerräiche Virtrag stellt d'Birgit Kausch dës Zesummenhäng fir.

22. Februar 2018, Donneschdeg, 19:00 - 20:00
Beefort - mat der Diplomgeografin Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall

Präis: gratis Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch

Formatiounen: „Naturcoach" & „Kräuterpädagoge"

Wëllt dir eppes iwwer eis eenheemesch Wëllkraider a Planze léieren an äert Wëssen anere viruginn? D'Gundermannschule bitt zu Beefort en zertifiéierte Cours fir „Kraiderpedagog" an „Naturcoach" un. Hei gitt dir ënnert der Leedung vun der Diplombiologin Karin Greiner villes iwwer eis Planzewelt (Bestëmmung a Verwendung), traditionellt Kraiderwëssen, aktuell wëssenschaftlech Erkenntnisser souwéi biologesch an ökologesch Zesummenhäng gewuer.

Opgepasst: D'Umeldung fir dëse Cours leeft direkt iwwert d'Gundermannschule!

ab Mäerz, Beefort
mat der Gundermannschule - www.gundermannschule.com

Motorseecours

An dësem Cours léiert dir, wéi ee richteg a virun allem sécher mat enger Motorsee ëmgeet. Fir d'éischt gëtt eng theoretesch Aféierung gemaach an duerno kënnt dir de prakteschen Émgang mat der Motorsee üben. Wien eng eege Motorsee huet, kann déi roueg matbréngen.

W.e.g. eege Sécherheetskleeder matbréngen!

3. Mäerz 2018, Samschdeg, 08:30 - 16:30
Marscherwald - mam Marc Hermes vum Centre National de Formation Professionnelle Continue

Präis: 75 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Wéi schneiden ech mäin Uebstbam richteg? (jonk Beem)

Fir dass en Uebstbam eng Kéier richteg schéi gëtt an och vill Friichten dréit, muss ee mat Zäiten ufänken en ze schneiden. Wéi een dat richteg mécht an nach villes méi gitt dir an dësem Cours gewuer.

3. Mäerz 2018, Samschdeg, 13:30 - 17:00
Bur - mam Marc Thiel vum SIAS

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Wéi schneiden ech mäin Uebstbam richteg? (al Beem)

Fir dass är al Uebstbeem gesond bleiwen a weiderhin vill gutt Uebst droen, musse se weiderhi reegelméisseg geschnidde ginn. Wéi een dat richteg mécht gitt dir an dësem Cours gewuer.

10. Mäerz 2018, Samschdeg, 13:30 - 17:00
Hiefenech - mam Marc Thiel vum SIAS

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Wat ass eng gutt Drëpp? Eng Degustatioun mam Expert

Wéi erkennen ech eng gutt Drëpp? Am Naturpark Mëllerdall gëtt et eng grouss Diversitéit an de Bongerten an dofir och am Drëppeglas! An dësem Cours kënnt dir zesumme mam Drëppesommelier Paul Thill eis regional Drëppe schmaachen, a léieren op wat et ukënnt. Donieft gitt dir och gewuer wéi d'Drëpp vum Bam an d'Glas kënnt. Nom Cours gëtt nach zesummen eng gutt Hameschmier giess.

21. Mäerz 2018, Donneschdeg, 19:00 - ca 22:00
an der Hierber Brennerei - mam Paul Thill

Präis: 44 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 18 Joer

Wanderung duerch den Naturbësch Saueruecht

En Naturbësch (fr.: Réserve Forestière Intégrale oder kuerz RFI) ass e Bësch, an dem der natierlecher Successioun fräie Laf gelooss gëtt. Hei gëtt net geschafft an net gebotzt (bis op d'Sécherung vun de Spadséierweeër). Kommt mat op eng flott Wanderung mam Fierschter Marc Hoffmann an der Biologin Danièle Murat a léiert vun den Experten wéi esou e Bësch fonctionnéiert a wéi eng Virdeeler dat huet.

31. Mäerz 2018, Samschdeg, 09:00 - 12:00
Beefort - mam Fierschter Marc Hoffmann an der Biologin Danièle Murat

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Dréchemauercours

Dréchemauere sinn déi eelsten an oft och déi stabilste Form vu Maueren. An dësem Cours léiert dir um Terrain, wéi een eng Dréchemauer analyséiert, Problemer erkennt an natierlech och wéi een se fléckt.

D'Plaz wou de Cours stattfënnt gëtt mat Zäite matgedeelt!

17. - 20. Abrëll 2018, Dënschdeg bis Freideg, 09:00 - 17:00
mam Jo Goergen vum Naturpark Mëllerdall
Präis: gratis Sprooch: Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch, ab 15 Joer

Fotoworkshop: Steen & Waasser

Fotoapparater ginn ëmmer méi performant. Fir wierklech gutt Fotoen ze maache, muss een awer wësse wéi den Apparat fonctionnéiert a wéi een e Bild ophëlt. An dësem Cours weist iech de Fotograf Pierre Haas, wat eng gutt Foto ass an op wat ee muss oppasse wann ee selwer wëll flott Fotoe maachen - dat Ganzt an dem richtege Mëllerdaller Kader: „Steen & Waasser".

W.e.g. bréngt äre Fotoapparat mat!

21. Abrëll 2018, Samschdeg, 13:30 - 17:00
Beefort - mam Fotograf Pierre Haas

Präis: 20 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 16 Joer

Wanderung vun de Fielser Fielse bis bei dat eelste Kräiz

Kommt mat an d'Fiels an entdeckt bei enger geféierter Wanderung déi schéin Émgéigend vun der Fiels. Begleet gitt dir vum Service des Sites et Monuments Nationaux an der Diplomgeografin Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall.

D'Wanderung ass 7 km laang an dauert ca 3.5 Stonnen. W.e.g. bréngt dem Wieder entspriechend Kleeder a fest Schong mat!

21. Abrëll 2018, Samschdeg, 14:00 - 17:30
Fiels - mam Christina Mayer vum Service des Sites et Monuments Nationaux a mam Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall

Präis: gratis Sprooch: Lëtzebuergesch

Iesel, Geess & Giersch

Mat der Geess Polly, den Ieselen Schakkeline, Pablo & Co. an ënnerstëtzt vun zwou Déierepedagoginnen, wandere mir duerch dee schéine Beeforter Bësch. Op der Sich no Giersch gëtt et Erklärungen vun der Kraiderpedagogin. Ënnerwee maache mir eng kleng Paus fir ee gemittleche Picknick. Zum Schluss gëtt et eng kleng Gierschiwwerraschung.

Opgepasst: Kanner mussen a Begleedung sinn an et kënne max. 2 Kanner pro Erwuessenen matgoen! W.e.g. bréngt fest Schong an e Picknick mat!

29. Abrëll 2018, Sonndeg, 10:00 - 14:00
Beefort - mat den Déierepedagiginnen Conny Scholtes an Alex Trentin an der Kraiderpedagogin Sandra Leoni

Präis: bis 12 Joer 10 €, duerno 20 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 6 Joer

Naturrallye fir Kanner an hir Elteren

Kommt mat op d'„Insel": op der Hëlt bei Rouspert wäerte mir vill Observatiounen an der Natur maachen (Steng, Buedem a Planzen) a mir wäerte gesinn, wéi de Mënsch d'Landschaft notzt.

05. Mee 2018, Samschdeg, 14:00 - 17:30
Rouspert - mat der Diplomgeografin Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch

Mam Fierschter um Hochsitz

Wollt dir och schonn ëmmer eng Kéier wësse, wéi et op der Juegd ass a méi iwwer d'Wëld an eise Bëscher gewuer ginn? Zesumme mam Fierschter Théo Moulin kënnt dir en eemolege Fréijoersowend dobaussen an der Natur genéissen an eppes iwwer d'Juegd bei eis léieren.

10. Mee 2018, Donneschdeg, 18:00 - ca 22:00
Marscherwald - mam Fierschter Théo Moulin

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 18 Joer

Wëldholzbau: e Stull selwer bauen

Opgepasst: Dëse Cours besteet aus 2 Deeler.

Deel 1: Recolte vum Holz

Den éischten Dag hëlt de Fierschter Tom Giefer iech mat an de Bësch, wou dir léiert, wéi een dat richtegt Holz eraussicht.

12. Mee 2018, Samschdeg, 09:00 - 12:00

Deel 2: De Bau vum Stull

Am zweeten Deel vum Cours baut dir mam Wëldholzbauer Lothar Wilhelm e Stull aus ärem gesammelten Holz. Natierlech kënnt der dësen nom Cours mat heem huelen!

15. - 16. September 2018, Samschdeg a Sonndeg, 09:00 - 18:00
Mompech - mam Fierschter Tom Giefer a mam Wëldholzbauer Lothar Wilhelm

Präis: 210 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, ab 14 Joer

Likör & Wëllkraidermenu

Opgepasst: Dëse Cours besteet aus 2 Deeler.

Deel 1: Kraider sammelen a Likör usetzen

Den éischte Samschdeg gi mir an d'Natur Wëllkraider plécken a setzen domat e Kraiderlikör un.

12. Mee 2018, Samschdeg, 09:00 - 13:00

Deel 2: Likör a Wëllkraidermenu schmaachen

No fënnef Wochen treffe mir eis eng zweete Kéier, filteren eis Likören a genéisse se mat engem Wëllkraidermenu, dee mir selwer zoubereet hunn.

16. Juni 2018, Samschdeg, 09:00 - 13:00
Beefort - mat de Kraiderpedagoginne Sandra Leoni a Yolande Kayls

Präis: 65 € Sprooch: Lëtzebuergesch, ab 18 Joer

Xylophonbaucours mat Holz vun hei

Opgepasst: Dëse Cours besteet aus 2 Deeler.

Deel 1: Recolte vum Holz

De Wëldholzbauer Lothar Wilhelm weist iech, wéi dir aus Holz vun hei en Instrument baue kënnt. De Cours ass an zwee Deeg opgedeelt. Den éischten Dag gitt dir mam Lothar Wilhelm a mam Fierschter Fränk Adam an de Bësch a sicht dat perfekt Stéck Holz eraus. Duerno gëtt dëst Stéck op d'Dréchne virbereet.

26. Mee 2018, Samschdeg, 09:00 - 17:00

Deel 2: de Xylophon bauen

Am zweeten Deel vun dësem Cours baut dir e Xylophon aus ärem gedréchenten Holz. Dat gëtt duerno uerdentlech gestëmmt an da léiert dir d'Geheimnisser vu Rhythmus a Melodie kennen!

11. - 12. August 2018, Samschdeg a Sonndeg, 09:00 - 17:00
Bäertrëf - mam Fierschter Fränk Adam a mam Wëldholzbauer Lothar Wilhelm

Präis: 240 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, ab 14 Joer

Geologesch Wanderung duerch d'Noumerléen



Entdeckt d'faszinéierend Fielselandschaft „Nommerléen": des Fielse goufen am Mier gebilt, un der Äerduewerfläch geformt a vum Mënsch zu all Zäite genotzt. Kommt mat op eng geologesch Entdeckungsrees.

Schwieregkeetsgrad: mëttel, fest Schong gi recommandéiert

3. Juni 2018, Samschdeg, 14:00 - 17:30
Noumer - mat der Diplogeografin Birgit Kausch vum Naturpark Mëllerdall

Präis: 5 € Sprooch, Lëtzebuergesch an Däitsch

Kichen am Bësch 2.0

Outdoor kachen - ouni Stroum a Gas? Wat fréier selbstverständlech war, kënnen haut déi meescht net méi. De Fierschter Tom Scholtes hëlt iech mat an de Bësch a weist iech verschidde Méiglechkeete fir dobaussen ze kachen. Natierlech gëtt et och alles ze schmaachen!

9. Juni 2018, Samschdeg, 10:00 - 15:00
Fiels - mam Fierschter Tom Scholtes

Präis: 25 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Salweworkshop

Mir entdecken déi aarteräich Hecken a Blummewisen op der Hëlt a léiere verschidden Heelkraider kennen. Duerno ginn d'Kraider am „bain mari" iwwer dem Feier zu enger fleegender Sallef an engem Lëppestëft verschafft.

16. Juni 2018, Samschdeg, 14:00 - 18:00
Rouspert - mam Änder Erpelding

Präis: 15 € Sprooch: Lëtzebuergesch an Däitsch, 9-13 Joer

Wéi schneiden ech e Spaléierbam richteg?



Fir vill a schéint Uebst ze kréie, mussen och Spaléierbeem reegelméisseg richteg geschnidde ginn. Wéi dat geet, léiert dir an dësem Cours.

16. Juni 2018, Samschdeg, 13:30 - 15:00
Waldbëlleg - mam Marc Thiel vum SIAS

Präis: 5 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Kichen am Bësch 3.0

Fir Kenner vun der Outdoorkichen hu mir dëst Joer d'Versioun 3.0 dobäi. Hei gitt dir eng Rei nei Tricke gewuer a léiert ënner anerem och Wëllkraider kennen.

7. Juli 2018, Samschdeg, 10:00 - 15:00
an der Fiels - am Fierschter Tom Scholtes an der Kraiderpedagogin Sandra Leoni

Präis: 25 € Sprooch: Lëtzebuergesch

Wiefcours

Wiewen huet am Naturpark Mëllerdall eng laang Traditioun. Zemools d'Fielser Duchindustrie war iwwert d'Grenze vum Land bekannt. Wann dir iech fir dëst Handwierk interesséiert a schonn ëmmer en eegene Projet, wéi z.B. eng Posch, e Schal, e Këssen oder e Kichenduch op enger Wiefrumm oder engem Wiefstull realiséiere wollt, da weist d'Suzanne Ziger iech an dësem intensive Cours, wéi et geet.

16. - 27. Juli 2018, Méindeg bis Freideg, 17:30 - 20:30
Iechternach - mam Suzanne Zigeg

Präis: 300 € plus Material Sprooch: Lëtzebuergesch

Dréchemauercours

Dréchemauere sinn déi eelsten an oft och déi stabilste Form vu Maueren. An dësem Cours léiert dir um Terrain, wéi een eng Dréchemauer analyséiert, Problemer erkennt an natierlech och wéi een se fléckt.

D'Plaz wou de Cours stattfënnt gëtt mat Zäite matgedeelt!

24. - 27. Juli 2018, Dënschdeg bis Freideg, 09:00 - 17:00
mam Jo Goergen vum Naturpark Mëllerdall
Präis: gratis Sprooch: Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch, ab 15 Joer

Alternativen an der Landwirtschaft: en Tour iwwer de Frombuerger Haff

Op dësem Tour gitt dir vill iwwer Nohaltegkeet an alternativ Landwirtschaft gewuer. Nieft enger Féierung iwwer den Haff, gesitt dir ënner anerem wat et mat der Permakultur op sech huet, wéi de Gaart bewirtschaft gëtt a wéi eng SOLAWI (Solidarische LAndWIrtschaft) Kooperativ fonctionnéiert.

W.e.g. bréngt fest Schong mat!

28. Juli 2018, Samschdeg, 15:00 - 17:00
Uesweiler - mam Jeff Weydert vum Frombuergerhaff

Präis: 10 € (gratis fir Kanner ënner 10 Joer) Sprooch: Lëtzebuergesch

Umeldunge w.e.g. un:

Naturpark Mëllerdall
8, rue de l'Auberge
L-6315 Beaufort
Tel.: (+352) 26 87 82 91
E-Mail: info@naturpark-mellerdall.lu
www.naturpark-mellerdall.lu

Weider Informatioune fannt dir op
www.naturpark-mellerdall.lu
facebook.com/naturparkmellerdall

Wann dir iech umellt, kritt dir Detailer iwwert déi respektiv Manifestatioun.

Partner / partenaires:

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'environnement

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Administration de la nature et des forêts

Interreg
Grande Région / Großregion

Service des sites et monuments nationaux

RIM
Regional Initiativ Mëllerdall

BOIS SCHOLTES

BADEN Menuiserie
Natürlech anescht!

Schräinerei Thomé

BECHER-GARE
RESTAURANT · CAFÉ · GLACES

KRÄUTER LADADDE
www.gundermannschule.com

SIAS
Syndicat intercommunal à vocation multiple
Station biologique

wandel.bar

Natur a Mënsch sàrl

Kul Tour Werk

Baumschule Schmitz Trier

nfpc ettelbruck

design www.fredhilger.lu - photos: Naturpark Mëllerdall Anna Vielske + Uli Fielitz, LEADER Mëllerdall Pierre Haas, Marc Thiel, Lothar Wilhelm, Jeff Weydert, Gundermannschule, Sandra Leoni, Änder Erpelding, Robi Baden, ORT MPSL Raymond Clement